N°4377
Entrée le 01.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 02.07.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 01. Juli 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister an den Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit weiderzeleeden:

„ Nieft de staatlechen Hëllefe fir d'Installatioun vun enger Wäermepompel, kënnen och finanziell Hëllefe vun de Gemenge bezu ginn. Dëst soll d'Leit an der energeetescher Transitioun ënnerstëtzen an dozou motivéieren déi néideg Aarbechten an hirem Doheem duerch ze féieren.

An deem Kader wollte mir dem Här Inneminister an dem Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit follgend Froe stellen:

- No wéi enge Krittäre ginn d'Subside vun de Gemenge bei der Installatioun vu Wärmepompele verdeelt?
- Wat ass deen héchste Montant deen eng Gemeng als Subsid gëtt? Wat ass d'Moyenne?
- Wei héisch sinn déi maximal Subventiounen am Verglach zu de staatlechen Hëllefen? Bis zu wéi vill Prozent vun de staatleche Subventioune kënnen déi kommunal Hëllefe goen?
- Wéi eng zéng Gemengen hunn déi meeschte Subside fir Wärmepompelen accordéiert? A wéi ee Montant gouf vun deene jeeweilege Gemengen ausbezuelt?

Zousätzlech ass de Regime vun de Gemengesubsiden och fir d'Installatioun vun enger Photovoltaik Anlag applikabel. An deem Kontext wollte mir och hei follgend Froe stellen:

- No wéi enge Krittäre ginn d'Subside vun de Gemenge bei der Installatioun vu PV Anlage verdeelt?
- Wat ass deen héchste Montant deen eng Gemeng als Subsid gëtt? Wat ass d'Moyenne?
- Wei héisch sinn déi maximal Subventiounen am Verglach zu de staatlechen Hëllefen? Bis zu wéi vill Prozent vun de staatleche Subventioune kënnen déi kommunal Hëllefe goen?
- Wéi eng zéng Gemengen hunn déi meeschte Subside fir PV Anlagen accordéiert? A wéi ee Montant gouf vun deene jeeweilege Gemengen ausbezuelt?

Ausserdeem wollte mir vun den Här Ministeren nach Follgendes wëssen:

- Ginn et kommunal Subside fir de Kaf vun engem gebrauchten oder engem néien Elektroauto? Wa jo, wéi héisch sinn dës Subsiden? “

Mat déiwem Respekt,



Marc Hansen
Deputéierten



Luc EMERING
Deputéierten